Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# Spillmodus Duathlon 2025

## 1. Kategorien a Klassement

- Spillberechtegt ass jiddereen den eng FLQ-Lizenz huet.
- Gespillt gëtt an de Kategorien Dammen (Dammesport (Classic- an/oder Sportkeele-Lizenz) an Dammen National) an Hären (Häresport (Classic- an/oder Sportkeele-Lizenz) an Hären National).
- An den 2 Kategorie gëtt zesumme gespillt. Et gëtt awer e separat Klassement fir Sport an National.

## 2. Ausscheedungen

- Gespillt gëtt op de Bunne 5-8 an op de Classicbunnen.
- All Spiller(in) trëtt zweemol un.
- 5 Trainingsklatzen op der éischter Bunn (esouwuel de Sportkeelebunnen wéi opo de Classicbunnen) an der éischter Ronn
- Gespillt ginn all Kéier 2 Bunne à 10 Klatzen op vollt Spill.
- Et besteet kee Gaassenzwang.
- Di 32 bescht Spiller(innen) qualifizéieren sech fir d'1/16-Finall.
- Sollt et fir d'Plaz 32 zu engem Gläichstand zwëschent 2 oder méi Spiller(innen) kommen, gi jeweils 2 Klatzen op enger Classicbunn an op enger Sportkeelebunn gespillt, bis eng Entscheedung gefall ass.

## 3. KO-Ronn

- No den Ausscheedunge spillt d'Plaz 1 géint d'Plaz 32, d'Plaz 2 géint d'Plaz 31, asw.
- Gespillt gëtt op 2 Bunnen.
- All Spiller(in) spillt op enger Classicbunn an op enger Sportkeelebunn 10 Klatzen.
- Den héichsten Total qualifizéiert sech fir d'1/8-Finall.
- Bei Gläichstand gi jeweils 2 Klatzen op enger Classicbunn an op enger Sportkeelebunn gespillt, bis eng Entscheedung gefall ass.
- D'1/4-Finallen an d'1/2-Finalle ginn nom selwechte Modus gespillt.
- D'Verléierer(inne) vun den 1/2-Finallen deelen sech 3. Plaz.

## 4. Finall

- Di 2 Finalle gi gläichzäiteg gespillt.
- D'Damme spille fir d'éischt op de Classicbunnen an d'Hären op de Sportkeelebunnen.
- Gespillt gëtt op de Sportkeelebunnen 7-8 an op de Classicbunnen 1-2.
- Pro Bunn ginn 10 Klatzen op d'Vollt geworf.
- Bei Gläichstand ginn 3 Entscheedungsklatzen op der leschter Bunn geworf. D'Spiller(innen) bleiwen dobäi op hirer leschter Bunn. Sollt dës keng Entscheedung bréngen, gëtt esoulaang eng Klatz gespillt, bis eng Entscheedung gefall ass.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE

hummel
www.lupa69.com

WILWERT
depuis 1952